

LSAP bedauert politesch Spillereien am Staatsrot

D'LSAP bedauert, datt de Staatsrot hire Kandidat fir de fräie Posten am Staatsrot net zréckbehal huet. De Staatsrot ass eng Institutioun aus enger anerer Zäit, där hir demokratesch Legitimitéit eréischt duerch e Konsens tëscht den am Parlament vertruedene Parteien zustane kënn. Anescht gesot, sinn et d'politesch Parteien, déi e politeschen Equiliber an eng demokratesch Representativitéit am Staatsrot garantéieren.

Dësen Equiliber ass elo vum Staatsrot selwer futti gemaach ginn: andeem eng parteipolitesch Majoritéit am Staatsrot der LSAP hire Kandidat refuséiert huet, gouf de bestoende Konsens vir dem Staatsrot seng Legitimitéit gebrach, an d'Rad zréck an déi Zäite gedréit, wou d'Demokratieverständnes nach en anert war.

Des Virgoensweis vun der parteipolitescher Majoritéit am Staatsrot ass och e weidert trauregt Beispill fir den arroganten Ëmgang vun de Regierungsparteie mat der Oppositioun.

D'LSAP bedauert dann och net nëmmen, datt se „hire“ Sëtz am Staatsrot op eng arbiträr Aart a Weis ewech geholl krut, mee och datt eng Occasioun verpasst gouf, de Staatsrot, mat senger Altersmoyenne vu 57 Joer, endlech ze verjéngen: der LSAP hire Kandidat Max Leners huet 31 Joer, den elo gewielte Kandidat huet der 64.

LSAP bedauert politische Spielchen im Staatsrat

Die LSAP bedauert, dass der Staatsrat ihren Kandidaten für die zu besetzende Stelle im Staatsrat nicht berücksichtigt hat. Der Staatsrat ist eine Institution aus einer anderen Zeit, deren demokratische Legitimität nur durch einen Konsens zwischen den im Parlament vertretenen Parteien erreicht werden kann. Anders gesagt, es sind die politischen Parteien, die ein politisches Gleichgewicht und eine demokratische Repräsentativität im Staatsrat garantieren.

Dieses Gleichgewicht wurde nun vom Staatsrat selbst zerstört, indem eine parteipolitische Mehrheit im Staatsrat den Kandidaten der LSAP abgelehnt hat. Der bestehende Konsens für die Legitimität des Staatsrats wurde gebrochen und das Rad zurückgedreht in eine Zeit, in der das Demokratieverständnis noch ein anderes war.

Dieses Vorgehen der parteipolitischen Mehrheit im Staatsrat ist auch ein weiteres, bedauerliches Beispiel für den arroganten Umgang der Regierungsparteien mit der Opposition.

Die LSAP bedauert denn auch nicht nur, dass sie „ihren“ Sitz im Staatsrat auf eine willkürliche Weise verloren hat, sondern auch, dass eine Gelegenheit verpasst wurde, den Staatsrat mit seinem Altersdurchschnitt von 57 Jahren endlich zu verjüngen: Der Kandidat der LSAP, Max Leners, ist 31 Jahre alt, während der nun gewählte Kandidat 64 Jahre alt ist.

Le LSAP déplore les jeux politiques au Conseil d'État

Le LSAP regrette que son candidat pour le poste vacant au sein du Conseil d'État n'a pas été retenu. Le Conseil d'État est une institution d'une autre époque, dont la légitimité démocratique découle d'un consensus entre les partis représentés au Parlement. En d'autres termes, ce sont les partis politiques qui garantissent un équilibre politique et une représentativité démocratique au Conseil d'État.

Cet équilibre a maintenant été rompu par le Conseil d'État lui-même : en rejetant le candidat du LSAP, la majorité politique au sein du Conseil d'État a rompu le consensus existant pour la légitimité du Conseil d'État et fait un retour en arrière vers une époque où la conception de la démocratie était différente.

Cette approche de la majorité politique au sein du Conseil d'État est également un autre exemple déplorable de la manière arrogante dont les partis gouvernementaux traitent l'opposition. Le LSAP regrette aussi non seulement d'avoir perdu son siège au Conseil d'État de manière arbitraire, mais aussi qu'une occasion de rajeunir le Conseil d'État, avec une moyenne d'âge de 57 ans, ait été manquée : le candidat du LSAP, Max Leners, a 31 ans, tandis que le candidat élu en a 64.